

# Pé'ter vum Uespelt

---

---

E Festspill

fir se'i

700. Geburtdâg

---

---

Uespelt

13. September

— 1953 —

# Et spillen:

De Spillmêschter

Pe'ter vun Uespelt, Erzbeschof a Kurfürst vu Mainz

Johannes, se'i Kaplo'n

Balduin vun Tre'er

En Här vu Köln

de Klésjen, dem Pe'ter se'in Huefmann

Wennesch Klôs mat ve'er Scheffen

De Koschter

Hânes a Klôs, Wiechter vum Schlass

E puer Männer

Mâtes

Petter mat sengem Kandskand Piri

E puer jong Borschten

Eng Staffe't

E Fechtbrudder

Bo'wen, önnere dénen de Jängi an den Nicki

E puer Frâen, önnere dénen:

eng âl Frâ

Mamm mat hirem Kand

Médercher, önnere dénen d'Mârri an d'Suss

Posaune blösen dre'i Ste'ss - lãngezun; zwo' Klacke lauden  
vum Tûrm hîrt mészcht an hîrt bescht.

De Spillmészchter (kônnt lues a feierlêch erbe'i a schrêkt op d'Tribün -  
d'Klacke gin séch net mat lauden; wann s'ophâlen, fãnt  
de Spillmészchter un)

Laut, dir Uespeltes Klacken, laut zo' Hâf! Haut ass den E'erendâg, wo'  
jid Uespeltes Hêrz ongestimm an der Broscht schle't, wo' jid Uespeltes  
Â voll hémliche Stolz fénkelt a lîcht: et gölt e Jong a'us dem Hémchts-  
duerf ze e'eren, dén et doba'ussen an der gro'sser Welt zo' eppes bru-  
echt huet: PE'TER VUN UESPELT! Dûrfir get iech net mat lauden; dir Uespel-  
tes Klacken, rufft et an d'Land eran, îwer Dãlten an He'chten. Lôsst et  
klénken îwer d'Mûsel bis zo'm Rhe'in hin. An d'Walsen sollen êre Jubel  
an êr Frêd de Rhe'in op bis no Basel an de Rhe'in ôf bis no Mainz drô-  
en! Dé Wé ass hien eng Ke'er gângen viru síwenhonnert Jôer vu séngem  
klengen Uespeltes, fort a'us sénger Heip an d'Beschôfsschlass: dé gro'ssen  
PE'TER VUN UESPELT!

Haut soll hien erôm virun e'is erstôn, hei, op dôser Plãtz, wo' hien op  
d'Welt komm ass.

(De' drött Klack fãngt un ze lauden)

Besonesch du, séng Klack, de's du se'in Num dre's, laut him zo' E'eren!  
Zo' sengem Undenken bass du an desém Jôr gegoss gin, se'in Num hu mir  
de'f an de'in Erz agruwe gelôss, fir dat eis Kanner a Kandskanner bis  
an de' spe'der Ze'iten dén Num behãle sollen. Du solls verziele vun him.  
dén-eng nei Welt wollt bauen, an dér eist Letzebûrg och séng Plãtz soll  
hun. Séng Welt huet gerêcht vu Be'hmen bis a Frankre'ich, vum ieweschten  
bis zum ônneschte Mier, Ê Land, ên Hâr, ê Gott, ê Gléck an ê Friden, dát  
wôr séng Paro'l.

Haut erôm eng Ke'er gêt all eis Plangen an eis Tîrmen op dát hin, wat  
we' en Drâm virun dir lo'g; de'i Gészcht ass haut op en neis liewég gin:  
mir wôllen en neit Europa!

Klénk, du séng Klack, klénk doerîwer bis an den hellégen Do'm vu Mainz!  
Do schle'ft hien am Grãf a Gottes hellégem Friden. Laut a mâch hien  
nês wackrég! Haut me' we' jé brauche mir déer stãrker Leit, de' o'ni  
Zécken op dát lass gin, wat si fir gutt a richtég erkannt hun. Komm, du  
gro'sse Pe'ter vun Uespeltes, komm bei e'is a weis e'is de Wé!

Me' we' eng Ke'er schon bass du a stôller Nuecht, wann de Mo'ntsche'in  
îwer Bierg an Dall lo'g, wann de' Sôlwerstre'if vu Rhe'in a Mûsel dir  
de Wé gewisen, erôm op hém komm. An de'in Dierfchen, wo' déng We' stong,  
wo' déng Mamm dir de' e'scht Hémchtslîdder gesongen, wo's du fir 't  
e'schte Ke'er d'Hãnn gefãlt an zo' eiser Hãrgott gebiet, wo' Lêd a  
Frêd mat dir de Wé an d'Liewe gungen. - - -

Hei, kuckt do! Wie kômmt do a'us dem Duerf erfort? - E Friemen oder e  
Kônnegen? - Menger wãrrêch - hien ass et selwer. Stôll, stôll, ste'ert en  
net! Lôsst e gewêrden!

(Eng Posaun ble'st - we' de'f a Gedanken versonken kônnt lues a majes-  
te'tesch, stôll a feierlêch de Pe'ter vun Uespeltes, gêt e we' e Schied  
îwer d'Tribün a verschwônd am Donkel )

Spillmészchter: (lues) Dát wor hie selwer, de gro'sse Kurfürst Pe'ter vun  
Uespeltes, huet Dir e gesin? - Eso' ass hien démols viru 700 Jôr dûrch  
d'Geschicht vun der gro'sser Welt gângen. All séng Dôten a Sôen sti  
geschrîwen am gro'sse Geschichtsbuch vun der Ze'it. Doeranner bliedere  
mir haut a weisen iech se'i Liewen, him zur E'er - eis zur Le'er. Hieft  
gut uecht a mâcht êr Âen an êr Hêrzter we'it an affen op:  
eis Hémchtsspill vun Pe'ter vun Uespeltes fãnt un!

- Posaune blösen -

(Virum Schlass stin den Hânes an de Klôs als Wiechter a blénkéger Uniform a bekucken séch ên dén âneren )

Hânes:Wât bekuckst de méch eso'?Ass eppes net kriddelfex?

Klôs:Ech gin net fêrdég,déché ze moschteren.Wat wêrden de' Uespelter Ae mâchen,wann s'e'is mat dém Sawel an dém Spe'ss gesin an dér blénkéger Wôt.Wann ên déché net kenne ge'f,könnst ên déché fêrten.

Hânes:Dât ass eppes aneshtes,we' mam Möschtgrêf îwer d'Schollen ze tröppelen.

Klôs:Wêsst du wât,Hânes:ech wöllt,d'Ketty gese'ch méch haut;da gengen îwert d'Jôr sécher d'Hochze'itsklacken fir méch lauden.

Hânes:'T ass nun êmol eso' op der Welt:sche' Fiedere sche' Vulle mân. Ma elo éscht Se'iten opgezun,Jong;do hanne komme schon de' e'scht Uespelter leit!

Klôs:Kê wöllt séch haut verspe'den,jidderêwir gâr derbe'i,wann et gölt, fir den Här Kurfürst vu Mainz,Pe'ter vun Uespelt am Hêméchtsduerf ze begre'ssen.

Hânes:Et get e schrôen Dâg fir e'is zwe'n,mâ 't ass êndun:fir hien de'g éch alles,do ass ne'ischt zevill an ne'ischt ze schwe'er.

Klôs:Kuck emol,et si vill friem Gesichter önnert de Leiden.

Hânes:Dât wölle mer glâwen:net nônnen de' Uespelter stöppelt de Virwötz, ma och de' Fre'sénger an de' Wieser,de' Ellénger,de' Fölschdrefer an de' Munnrefer.

(Vun alle Se'iten komme Leit,Männer a Frâen a Kanner - zwe' Bo'wen)

Jângi:Hei,ass dat dônet de Scho'schtesch Klôs?

Nicki:An dén âneren de Schmatts Hânes.Ei,we' de' era'usgefîzt sin.

Hânes:Gitt hêm bei d'Mamm,soss stiechen éch Iech an den Tûr!

(En Trapp Médercher,önnert hinnen d'Ketty)

Jângi:Hâ,lâch-en a'us!Da muss 'd e'is mol fir 't e'ischt kre'en!

(De' zwe' Bo'we lâfe fort - de' zwo' Wuechte geheien séch an d'Bro-scht)

Klôs:Jesses,Hânes,do könnst d'Ketty!

Hânes:Dajé,Klôs,de Kapp an d'Lûcht!Weiss dass d'e ganze Kêrel bass!

Ketty (bleift virun em stôn )Eso' gefälls de mir,Kléschen!Ech könnst dir bei all de Leiden zo' eng Bés gin.

Klôs (gléckléch) Nèn,dât net.Ketty.Verduerg se le'wer fir dernô;da schmâcht s'och nach gutt.

Hânes:(am Spâss ) Net stôe bleiwen,dir Jofferen!Virun,virun,d'Gâss muss opbleiwen!

Marry:Nun he'er emol ên dén onverschimnte Bugger,fro' solls de sin,me'i Jong,wann ên et nach der Me' wêrt fônt, fir déché ze bekucken.

(Mat Gecksen a Lâche gin se weider ) - (Männer a Frâen )

Mâtes:Do gese'is de,Suss,mir sin nach vill ze fre' hei.Du bass ömmer me' presse'ert we de' ân er Leit.

Susß:Ierger déché net.Du wêss et jo selwer:wann's du eng Ke'er hanner dem Patt sôtz,könns de net me' fort.

Mâtes:Kann éch derfir,dass den Uespelter Wâz ömmer nô me' schmâcht.Nedu, Koschterbatti,du ges mir recht?

Koschter:Hei ass séch ne'ischt ze vîzen,Mâtes,hei hêscht et alles an der Reih hun, fir wann eisen Här könnst.- Wann éch nach drun denken:é'ch hun hie liesen a schreiwe gele'ert an et wôr menger Beschter ên.

An elo ass hien en he'gen Här gin:den Här Beschof vu Mainz!

Suss:An du bass en ârme Koschter bliwen,de Koschterbatti vun Uespelt.

Koschter:Jô,hien de Pe'ter vun Uespelt an éch de Koschterbatti vun Uespelt;a kê vun e'is allen zwe'n schummt séch sénger klenger Hêmecht. Ma elo muss éch no menge Sânger kucke gon,de' sin séch d'Strass

nach eng Grimmel schmire gângen, fir en zergutzterten To'n era'us ze kre'en. (of)

( En Trapp Frâe könnt erbe'i, de' midd an uersch a'usgesin )

Klôs: Kuck emol, do kommen der nawell a'us dem Lo'thréngeschen hier.

Eng âl Frâ: De ganzen Dâg si mir gângen, vun de Muergen an aller Hârgotts-fre' bis de Möttég, iwer Bierg an Dall, iwer Dâr a-Steng, d'ûrch Stöpps a Sâng, fir hien ze gesin an se'i Ségen ze kre'en.

Eng âner: E Beschofsségen ass e puer zerasse Suelen wêrt.

( D'Frâe gi weider )

E Gro'sspapp mat sengem Kandskand un der Hand -

Pîri: So, Petter, kann éch dann och dem Monni Beschof klécke gôen?

Petter: Sécher, Pîri, de' sche'n hânni muss de gin. Ech hun hie kannt, we' hien nach eso' e Be'fche wor, we's du haut. Hie wor allze'it e we'nég d'ûrchrîwen, ma wâkrég a flénk we' e Kawêchel.

Eng âl Frâ: Erönners de déch nach, Méchel? Hien hât seng Mamm fre' verluer a we' de Bo'f eppes me' mâns wor, dun ass se'i Papp op Tre'er gezun, well hie gemengt huet, do besser vîrun ze kommen.

( Iwerdém's könnt den E'hm Klésjen a'us dem Schlass - alles gêt op hien d'ûr )

D'Leit: Hei, den E'hm Klésjen!

Nu Kuck emol ê kröschtse'lége Mönch! 'T mengt ên, e wâr 20 Jôr me' jonk gin!

We' séng-Âe fénkelen a glônneren!

A bâl-po'lrîcht hâlt en séch!

'T ge'f ên net sôen, dass de' Ech en démols hallef Kröppel gemât.

E'hm Klésjen, iech gese'it ên haut d'Frêd um Gesicht of.

Klésjen: Dir heut recht, meng le'f Leit, haut sin éch iwer gléckléch, me'in Hêrz packt et net me' vu Frêd. Ech könnt bâl biede, we' et an der Bîwel stêt: Hâr, elo kanns de méch a Fride stierwe lôssen, well éch hun hien erôm gesin! We' hun éch op dén Dâg gegammst. Ech hun ômmer gesôt: de Schlasspe'ter bréngt et zo' eppes. A wann et en dichtégen Hâr gin ass, da könnt en rôm hêm op Uespelt. Well et ass dach op der ganzer Welt ne'erens eso' sche'n a gemitléch we' dohém.

Mâtes: Ma, sô, Klésjen, we' lâng bass du eigentléch schon am Schlass?

Klésjen: Bâl fofzég Jôr, et ass e lângen Dâg! Démols we de Bâm méch krit hât, du huet hie selwer méch um Bockel hiergedrôn. A we' éch nês konnt bis opstôn, sin éch net me' gewach.

Jângi an Nicki: Klésje, verziel e'is nach b'ürtég de' Geschicht!

Klésjen: Elo net. Eng âner Ke'er, dir Ne'ischnotzen.

Nicki: Eso' sés du ômmer: eng âner Ke'er.

Jângi: Jé hopp, Klésjen, lôss der net fle'wen. Den Hâr ass jo nach net hei.

Klésjen: Dajé alt, wann ên de Kanner de Wöllen dêt, da kre'ischen se net. Da kommt hier op d'Se'it, dass der déne Gro'ssen a'us de Fe'ss sit. ( De Klésjen sôtzt séch an d'Kanner sôtzen a leien a stin ronderôm ) Da la'uschtert: Als jonge Borscht hun éch eng Ke'er douewen am Se'itert Bâm gehâen, et wôr fir de Mâschbauer. Grâd wor éch drun de' lescht Ech ze klâken, du ass d'Ongléck geschitt. E'er éch méch ômsin hât, go'f de Kadett nôech wollt nach op d'Se'it sprangen, ma op dém glôtschége Buedem krût éch kêen Halt me' an dé schwe'ere Plach krit méch ze pâcken dass d'Dronkeneille mir au'sgânge sin.

Nicki: O mei, E'hm Klésjen, do hätt dir jo können op der Plâz leie bleiwen!

Klésjen: Dât wölle mer gléwen. We' éch zo' mir komm sin, lo'g éch do ze keimen an ze ke'ichen a Blut ze spe'izen. 'T wir alles ômsoss gewiescht, hätt éch kê gude Schutzengel gehât.

E Bo'f: Da vergiessen éch elo ni me' muerges zo' mengem Schutzengel ze bieden.

Klésjen: Do dês de wuel, me'i Jong! - Ech hât scho gemengt, meng Pe's laudon ze he'eren, du ko'm grâd dé jongen Hâr vun Schlass lânscht. Uni-séch lâng ze bedenken, get en séch drun an zitt méch mat viller Me'ônner dem Bâm era'us.

E Bo'f: A we' huet dé jonge Mann gehêsch?

Klésjen: Pe'ter vun Uespelt, haut Beschof vu Mainz. Hien huet méch an d'Schlass geschlêft an nach déselwégten Dâg a menger Plâz de' Ech verbotzt an a Stécker geluegt we' en Alen.

E Bo'f: Dât hätt éch net fêrdég bruecht.

Klésjen: Vun dém Dâg un sin éch hei um Schlass bei sênge Leide bliwen. A we' si an d'Tre'erescht geplönnert sin, hun éch hir Sâchen zo' Rôt gehâlen, de' si nach hei op dem Bann hâten.

(Trompette blôsen - d'Kanner sprangen an enger Frêd op )

Kanner: Elo kent en! Elo kent en!

(All kucke gespânt ) - ( E jonge Borscht kent a'usser Ôtem gelâf )

Borscht: Dohanne bei der Kapellchen hält d'Kutsch. Den Här ass a'usgeklommen a fir t'e'scht op d'Grâf vun senger Mamm gângen.

(D'Scheffen stellen séch beienên - de Koschter holt d'Kanner zesammen - d'Leit stin do a kucken a frô'er Erwârdong )

Wennesch Klôs (Scheffen): Wöllem, begann déch!

(Iwerdêms kent de Pe'ter mat sengem Kaplo'n hannendrun - dén e'scht Scheffen gêt dem Beschof entge'nt, kne't a kôsst em de Rank )

Här Beschof! Am Num vun Erer âler Hémécht hêschen éch Ech wöllkomm. Et ass fir e'is Uespelter eng E'er an eng Gnôd, dat Dir, en Duerf-kand, nô Jôren erôm bei e'is kommt an an Erem âle Schlass eng Grim-mel raschte wöllt. Mir wönschen Iech sche'n a ro'ég Dég an eiser Mött. Eiser Härgott ge'f Iech nei Krâft a frösche Mutt, fir dass Er kingsten Drêm a Plangen séch erfüllen.

(Iwerdêms stömmen d'Sänger d'Lidd un, de Pe'ter stêt do a lauschtert no )

#### W E L K O M M - L I D D

Du könnst mat Beschofskâp a Stâw  
no länger Ze'it nês hêm.

Du schrecks òm d'Kirch a sichs e Grâw,  
no dém gin all déng Drém.

Du hues déng Mamm nach net vergiess,  
déng Sprôch, dat hélégt Gutt.  
An hues du lîng friem Bro't och giess,  
trei Blo'ws du déngem Blut.

Du stês op dénger Héméchtsêrd,  
e Stéck vun hirer Krâft.  
Eng Ech, am Stûrm gepre'ft, gehârd,  
voll Driff a Fre'jôrssaft.

Scho lauden d'Klacken fro' zu Hâf,  
fir déch, du Héméchtskand!  
Dén Dâg huet Gott fir déch erschâf,  
du Stolz vun eisem Land!

Pe'ter: Dir meng le'f Uespelter! Haut, no lînge Jôren, sin éch erôm bei Iech. Et ass mer grâd, we' wann éch ere'scht geschter fortgânge wir. An dach leit en zergutztert Stéck Wé-hanneru mer. A frieme Länner an önnert frieme Leit hun éch me' we' eng Ke'er un hêm geduecht. Well eso' fro' an zefridden we' hei wor éch kês. (E kuckt ronderôm séch ) Nach alles we' démols: d'Schlass an seng Tîrm sin net vun

der Plâtz gewach; d'Gârdendîr stêt we'it an affen op, we' wann se sôe wöllt: "Komm, komm! Lîng genug hues du méch wârde gelôss!" D'Bâch ass nach êrdég a monter a get net midd mat Klucksen a Pôteren. An d'Millerâd po'ft a Klabbert ongedöllég drop lass. (E ges'it den E'hm Klésjen )

An du, Klésjen, du gutt, âl, trei Se'l, du sés kê Wuert a bekucks méch an engem fort vun uewe bis önnen.

Klésjen: Ech kommen net a me'i Fridd, Här, dass éch Iech nês hei gesin.

Pe'ter: Mâr de Muergen no der Fre'hmass gi mir crôm Bém òmhân, dass et knuppt a knâlt; Bass de mat, Klésjen?

Klésjen: T ass dach êren Escht net, Här? Mir sin ewell a'us dém Zant

era'us, wo' ên de stârke Mann ka spillen.  
 Pe'ter: Mir probe'eren emôl.- Klésjen, et wêss ên ni, we' stârk dass ên  
 ass, wann et muss sin.  
 Klésjen: Dir, Här, jo, Dir packt et nach, ôwer mat dem E'hm Klésjen ass ne'i-  
 scht me' lass. Dén ass nach gutt fir eso' dûrch d'Ha'us ze schap-  
 pen an hei an do emol eppes ze knîwelen.  
 Pe'ter: Dât mengs du eso', Klésjen. Du wârs gesin, mir zwe' komme schon zo'  
 Wé a kre'en dér Plachen ê getässelt.  
 Frâe ( sin îwerdém ömmer me' nôbe'i de Beschof komm a kne'en séch )  
 Här, get e'is êre Ségen!  
 Mamm: ( mat engem Kand um Arm ) Här, mâcht mengem Kand e Kre'izchen op  
 d'Stîr!  
 ( Iwerdém de Pe'ter önnert d'Leit gêt a mat hinne sprêcht, ble'st  
 stenterlêch eng Trompett ganz opgerégt - eng Staffe't könt em hel-  
 le Galopp geridden, mat engem Rulo an der Hand; se spréngt vum Pârd  
 a get dem Pe'ter sengem Kaplo'n dat Schreiwes, dé re'isst an enger  
 Onro' Band a Sigel erôf a liest - da gêt en niddergeschlôen op de  
 Pe'ter duer )  
 Kaplo'n: Eisen Här a Kêser, Albrecht vun E'stre'ich ass do't!  
 Pe'ter: Wât's de net sés? Och nach dât elo! Emôl an der Hêmécht keng Ro',  
 de' êch dach eso' ne'dég hätt!  
 Kaplo'n: Se'in êgenen Newe' huet en hannerhällêch erstach!  
 Pe'ter: Erstach!! Du le'wer Himmel, eso' en Enn!

Pe'ter: ( geduchert an onschlösség - hallel fir séch )  
 Elo wêrd et zo' gudder Lescht och nach hêsehen, seh hätt de d'Hänn  
 am Spill gehât. Mir si kês iwerê kom, de Kêser an êch. Hien huet mir  
 Expresser drop an derwidder gemât. Ma eso' e frêschlêchen Do'd hätt  
 êch mengem iergste Feind môl net gewünscht. -  
 ( Op êmol rîcht hien séch op ; et spîrt ên, we' e Wölle vu Stôl an Ei-  
 sen hien oprôselt ) Kaplo'n! D'Gitten dûrfe mer net a'us den Hänn  
 fâlen! - D'Staffe't soll spûerstrêchs op Tre'er bei de Balduin rei-  
 den mat déer Zedéng hei: hie soll séch net lîng bedenken an ênzock  
 hier op Uespelt bei méch kommen; 't ste'ng zevill am Spill.  
 ( Zo' de leit, de' we' verwâlt sin an net verstin, wât  
 geschitt ass )  
 Dir Uespelter Leit! Eisen Här a Kêser ass do't! Lösst mer biede fir  
 séng ârme Se'l!  
 ( Eng-Pe's laut verschôttert an deierlêch - de Kaplo'n an d'Leit  
 kne'en duer a biede stöll )  
 Pe'ter: ( stêt do a fâlt d'Hänn ) - Gott schenk him d'e'wég Ro'! Menschen  
 hun séch dra gemôscht, wo' den Hârgott eleng zo' Gerîcht soll sôt-  
 zen.  
 ( Zo' de Leiden, de' lues opgestâne sin ) Meng le'f Leit, git elo ro'-  
 ég-hêm; eng âner Ke'er huele mir nô, wat mir elo versaumt hun.  
 ( D'Leit verze'en séch opgerégt a geto'ft )  
 Pe'ter: ( îwerdém en we' a Gedanken op d'Schlassdîr zo'gêt )  
 Eng Ech kann ömgehâ gin, ma schon am e'schte Fre'jôr drop wiest aus  
 dém âle Stack en neie Schotz.- Gott gief em gudde Wuestem!  
 ( Ir en agêt, lét en dem E'hm Klésjen den Arm öm d'Schölller - alles  
 of )

- (Muerges fre' - de Schlasshaff ass eidel. A'us dem Schlass era'us kent dem Pe'ter se'i Kaplo'n Johannes, kuckt ongedöllég no alle Se'iten a röselt de Kapp - )
- Kaplo'n Johannes: Nach ömmer weist séch ne'ischt. - Well eng geschlôen hallef Stonn hun éch um Schlasstûr mir d'Aen ausgekuckt. - De Buet misst bâl erôm sin; Tre'er le'it dach net a'us der Welt era'us! - Me'in Här fänkt un ongedöllég ze gin. ( E kuckt nach eng Ke'er a wöllt dann an d'Schlass gôn. A'us dem Schlass könt de Pe'ter )
- Pe'ter: We' ass et, Johannes, nach ömmer eleng? - De Balduin hätt dach dermanst Uerder könnr schécken.
- Kaplo'n: De' he'ch Hären sin net eso' presse'ert. Ên Dâg, eng Nuecht ass Ze'it genug fir âner Ménong ze gin.
- Pe'ter: Wât hêscht dât? De Balduin wärt dach net wölles sin, op seng êge Fa'uscht vîrzegôn, wo' éch dach nômmen un hien an un séng Familje geduecht hun?
- Kaplo'n: Här, éch he'eren der kommen. Op dât si sin?  
(Iwerdém könt de Balduin, ganz einfach geklêd, mat mat dre'i Leit, e Mann a'us dem Duerf weist hinen de Wé )
- Klôs: Do ass d'Schlass, dir Hären. Elo könt der net me' îr gôn. (Klôs ôf)
- Pe'ter (gêt op de Balduin dûr a begre'sst en) Ass et me'gléich, Balduin? Dir kommt eso' hémléich a fûsség? Ech si fro', dat éch net ômsoss op Iech gezielt hât.
- Balduin: Gâr sin éch hîr op dat kleng Dierfche komm, fir an aller Ro' mat Iech ze schwätzen. D'Ze'ite sin êscht, do hêscht et opzepassen an d'Sâch net ze verfomfachen. - Hei ass de Sekretâr vum Kölner Kurfürst. E wor grâd bei mir op Besuch, we' Ere Buet komm ass. (Begre'ssen séch)
- Pe'ter: De' Häre wêrde wuel midd si vun der Rês, git e we'nég raschten, da könne mir duernô matenê schwätzen.
- Balduin: De Muerge si mir an aller Härgottsfre'h vun Tre'er an der Kutsch fortgefuer. Awer mir hun net de' gro'ss Landstrôss gehâlen. Do hätt ên ze licht eppes a'usschniewele können. Op Se'itewéer, de' dax knubbelég a suebelég wôren, si mer gestuckelt a getuckelt gin, we' dçierbessen am Siechter.
- Johannes: Ech fe'eren de Kölner Här an d'Friemzömmen. Do kann hie séch eng Grimmel erblösen vun déer Himmelfahrt. (Of mat dem Kölner - iwerdém könt de Klésjen )
- Balduin: Dât ass dat Richtégt.
- Pe'ter: An Dir, Balduin, huet Dir keng Loscht fir ze raschten?
- Balduin: Mir Letzebûrger sin net verwinnt an éch hun och keng Ze'it, d'Sâch presse'ert. (hie weist op eng Bänk) Lösst mir e'is hîr sôtzen a matenê sprôchen. (Si sôtzen séch)
- Pe'ter: Klésjen, bréng e'is eng gudd Fläsch Miseler! Dé mécht d'Zong gewîwég an de Gêscht me' alêrt. - Et ass me'sség, îwer dât ze schwätzen, wat geschitt ass. Op e'is kuckt d'ganz Welt an erwârt, dat mir eso'bâl we' me'gléich en neie Kêser wielen. Awer mir duerfen net blannemännches drasprangen. Oennert séch müssen de' Bescht êns sin, fir dé richtége Mann erauszefannen.
- Klésjen (Bréngt de We'i mat Glieser ): De' Dröppts hei soll dénen Häre schmâchen! Si könt a'us dém önneschte Keller an ass gutt ofgekillt. (Hie schött era'us a gêt da fort )
- Pe'ter: Brâv gemât, Klésjen! Du wêss scho wat séch schéckt. - Lösse mir dén e'schte Schotz huelen op dén neie Kêser!
- Balduin: Do wêss den Härgott eleng, wien dât get.
- Pe'ter: Huet dé Kölner ne'ischt verlaude gelöss, mat wiem se'in Här hält?
- Balduin: Hien ass ageholl vum franze'sche kinék Philippe an hätt dé gâr fir Kêser.

Pe'ter: Hmm, hmm . . .

Balduin: Dé schingt Iech net ze gueden? Huet Dir en ânere parât?  
(Iwerdéms könt dé Kölner erbe'i)

Kölner: Ech ste'eren net? De' gutt Loft an dé Fridden hei bréngen ên hurtég an d'Fassung.

Balduin: An dé Miseler hei, dé wêrd de Rescht mân; en ass sprötzig a ra'uh, ma fir de Stöpps an de' we'scht Gedanken ewech ze spullen nummer ênt.

Kölner: Dât ass jo da grâd de' Medezin, de' mir elo brauchen. (Hie sëtzt séch be'i se )

Pe'ter (Huet him d'Glâs gefüllt a ste'sst un ) Op dén neien Här a Kêser!

Kölner (Hölt e Schotz ) An dén hêscht?

Balduin: Mir ware grâd op der Sich no dém. Dir könnt e'is vle'icht e gudde Rôt gin?

Kölner: Vu mengem Här a Beschof soll éch Iech a'usrichten, dat hie bis elo un de Franzo's geduecht hätt. Mä derle'fst géng hie mat Iech énég, wann Dir en ânere vîrzeschlôen hätt.

Balduin: No âlem Recht a Bra'uch ass et um Beschof vu Mainz, fir de' siwe Kurfürsten zesammenzeruffen, de' dén neie Kêser viele sollen. Zéckt net lîng, Mainzer! Wat e'schter, wat besser! Lösst d'Vollék net ongedöllég a verdrössléch gin!

Kölner: Lösse mer net lîng òm de Bre'i fûren. Dir, Här Erzbeschof vu Mainz, dir sit âl an erfuer, wie schlôt Dir vîr?

Pe'ter: E-kennen éch, op dé musse mir e'is an deser Stonn êneg gin. Kê Frazo's a kên Habsburger kent a Frô. Me'i Mann ass kên âneren, we' den Heinréch, Grôf vu Letzebûrg.

Balduin (ass opgesprongen ) Me'i Bruder? Eisen Heinréch?

Kölner: De Grôf vu Letzebûrg? Dé klengen a schwâche Letzebûrger? - Dât kascht Krämp, fir dé dîrchezubringen, Här Erzbeschof.

Pe'ter: Sôt ne'ischt ge'nt dé klenge Letzebûrger: an sengen Oderen rullt Kinéksblutt, an sengem Hêrz schle't eng Kinéksse'l, se'i Bléck ass frâch a klôer, séng Hand ass stârk an hardi!

Kölner: De Letzebûrger? Ech kommen net a me'i Fridd.

Balduin: Un dé hätt me'in Hêrz bestômmt net geduecht; et ass me'i Bruder.

Kölner: Ere Bruder? Wann hien nômmen eng Dröps vun Erem Blut an den Odere: huet, da wir hien net schlecht. Huet Dir da scho mat him geschwât?

Pe'ter (am Feier) Do ass net lîng ze schwätzen an ze frôn; do hêscht et vîrun ze mâchen. Sicht Eren Här fir hien ze gewannen. An desem Ablac dîrfe mir net onêns sin.

Balduin: D'Vollék erwârd vun e'is eng Entschêdong an Enégekêt.

Kölner: D'Vollék? Wat hêscht Vollék?

(De Klésje könt erop )

Pe'ter: D'Vollék! - Hei könt eise Klésjen, dé wêss, wât am Vollék lass ass.

Kölner: Wât soll eso' e knobberdullessege Baierchen vu Politik verstôn? Dé gese'it net me'i we'it we' se'i Möschteko'p.

Pe'ter: Dât stômmt net, Här Kölner! Dé klenge Mann ass dax me' am Lêd, fir seng Schnöppel Buedem ass we' den décksten Här fir seng Gewân.

Kölner: Mir kennen dat Spillchen. De Kniecht danzt nôm Här senger Pe'if.

Pe'ter: Schneid Iech net. Eis Bauere sin net vun déer Art, de' lôssen séch kên X fir en U vîrmâchen.

Kölner (röselte de Kapp ) Eng drôléch Zûcht, de' Letzebûrger!

Balduin: Dât stômmt.

Pe'ter: Klatzkâppég we' keng ânere, âwer trei an e'erléch bis op de Broschêr, eso' sin se. Ass dât gelun, Klésjen?

Klésjen: Dir huet den Nôl op de Kapp getraff, Här. - An am Num vun eise Leit hei bieden éch de' Hären òm Gotteswôllen énég ze gin an e'is kên neie Krich an d'Land ze bréngen. Mir hu genuch Plôen a Kujenâten a'usgestân.

Balduin: Huet Dir gehe'ert, Här Kölner.

- Pe'ter: Do kanns de ro'ég sin, du gutt trei Se'l, eso' läng de Pe'ter vun Uespelt nach e Wuert do matzeschwätzen huet, wêrd hie se'i mönsche-me'glécht mâchen, dass de Fridd an d'Ro' an der Welt net geste'ert gin.
- Klésjen: Op Iech baue mir an Iech traue mir, Här! Ert Wuert ass we' en Ed.  
(of)
- Balduin (Hallef fir séch ) Me'i Bruder, eisen Heinréch Kinék? Ech komme mir nach net zo'.
- Pe'ter: Dén a soss kên, dât ass me'in hellége Wöllen! A wa mir dre'i êns sin an zesummenhâlen, da gêt och nach ên oder dén ânere mat e'is.
- Kölner: Um Iech ass et, de' âner ze ruffen.
- Balduin: Zéckt net läng a lôsst ênzock hinnen d'Uerder zo'kommen. Ech mâchen d'Sâch mat mengem Brudder an d'Reih.
- Pe'ter: (we' a'usser séch ) Lôsst d'Trompette blôsen! Lôsst se klénken vun Duerf zo' Duerf, vu Stâd zo' Stâd. An alle Länner sollen se wössen, dass de' sîwen Hâren um Rhe'in zesumme kommen, fir dén neie Kinék ze wielen. Mir dre'i si jo êns. (De' âner wénke jo - îwerdêms fânken d'Trompetten un ze blôsen, hîrt mészcht an hîrt bescht - de' dre'i stin do zesummen, hun séch d'Hänn gerêcht a kucken an den Himmel - de' e'scht Te'n hun séch ka'um verzun, do komme vun alle Se'iten d'Leit an enger Onro' erbe'i a ruffen dûrchenên )  
Huet dir och d'Trompette gehe'ert?  
Wat hêscht dât?  
Get et nês Krich?  
Hâte mir net scho genuch Misâr?  
(Trompette blôsen nach eng Ke'er, si gin séch net mat blôsen )  
Wât bréngen s'e'is?  
Krich oder Fridden?
- Johannes: Ro'ég, ro'ég, dir meng Leit! Régt éch net onnötzerweis op, de' Sâch ass net eso' schrô. D'Trompette gin d'Zêchen, dat be'i Köln um Rhe'ir de' sîwen Hâren an dénen e'schte Wochen zesumme kommen, fir en neie Kinék ze wielen.
- D'Vollék: En neie Kinék!
- Koschter: Wann d'Trompette blôsen, da fällt vum Himmel erôf Fridden oder Krich, Liewen oder Do't.
- Klôs: Wann de' klénken, da wielen sîwen Hâren dén neie Kinék - wielen s'ax Enékgêt, da get et Fridden a Ro', Frêd a Gléck.
- Petter: Sin s'awer önnert séch onêns, da gêt d'Welt a Schîrbelen.
- Hânes: Dir Hâren: wann dir um Rhe'in zesumme kommt, dann denkt un e'is, denkt un all Leit a schenkt hinnen Gléck a Fridden!
- Pe'ter: Wat dir vu Grond dem Hêrze wönscht, dât siche mir iech ze verschâfen. Am Num vum Hârgott wölle mir e'is berôden a wielen.
- Klésjen (treimiddég) O Här, wann Dir wöllt, da sprangen d'Pârte vun enger neier Welt op!
- Marry: Wann Dir en neien Här a Kinék wile git, da muss eiser Hârgott se'i Segen derzo' gin. - Kommt, mir allegûr gin bârbess mat enger Kêrz am Grapp op de Kaschtel bieden, dass dén douewen s'erlicht, dass si dé richtége Mann op den Thro'n bréngen!  
(Trompett ble'st nach eng Ke'er)
- Petter: Am Völlék get verzielt: wann d'Trompetten îwer d'Land an d'Welt erfôrt blôsen, da ge'ng entzwo'sch um Himmel en neie Stêr op. A wo' dé stôe ble'f, do wir dén neie Kinék dohém.  
(An dém Ablack licht e Stêr a fällt îwer der Mûsel erôf )
- D'Leit: E Stêr! E Stêr!  
En Zêche vum Himmel!
- Mâtes: De Stêr ass îwer dem Mûseldall erôfgâng.
- Koschter: Dén neien Här, ass dât de Grof vu Letzeburg? Eise Grof Heinréch?
- D'Vollék: Grof Heinréch, eisen neien Här a Kinék!

Vive Heinréch VII.!Vive Heinréch vu Letzeburg!

(De' dre'i Häre kucken séch verwonnert un )

Klésjen: Wann en neie Kinék könt, da klénkt we'it vum Himmel erfört e fonkelneit Lidd. Dât lêft iwer Koppen an Dälten, dât schla'uft an Heip an a Schlass, dât lackelt we' de lûssége Fre'jôrswand, dât pâkt ên derönnescht, op ê wöllt oder net. Da get de' plâkégst Hêd e Blum-megârd an d'Welt erôm e Sték vum Parade'is. Dann nenen d'Leit séch Bridder, a kên dém âneren Iwels dêt!

D'Leit: La'uschttert! La'uschttert!

(Iwerdêms dat neit Lidd ugestômmt get, stêt alles dô we' verzékt a get net midd ze la'uschteren. De' eng hun d'Hänn gefâlt, do' âner hun séch be'i der Hand geholl; de' dô hucken, hun de Kapp op d'Hänn geste'ipt. E'er d'Weis séch ganz verzun huet, gêt de Pe'ter vun Ues-pelt - an der Mött - mat dem Balduin a mat dém Kölner Här Arm an Arm lues op d'Schlass zo'.)

Dat neit Lidd

-----

## III. D 6 1

Spillmêschter: D'Welt krût en neien Här a Kinék: de Letzeburger Grof Heinrech VII. An alles huet nês erlichtert opgeôtm. E go'f mat offenen Arm an offenem Hêrz opgeholl. En neit Fre'jor ass iwer d'Welt gângen. -

Heinrech VII. - Seng Hand war ferm an düss zugleich, se'i Wuert iwerluegt a sécher: Juste judicate - richt gerecht! Eso' huet hien der Welt zo'geruff. -

5 Jôr si vergângen zenter dass hien um Rudder ass. Mir schreiwen 1313 - zwêmol d'Onglékszuel !

Den Heinrech ass op dem Wé fir an Italien. Eng duebel Kro'n stêt am Spill: d'eise Kro'n vun de Lombarden an de gölle Kêserkro'n vu Ro'm. Mat senger Frâder Kinégin Margre't, mat senger zwe' Bridder Balduin a Walram, mat dénen dâperste letzeburger Ritter, un der Spôtzt vun senger ganzer Arme' gêt hie riskiplang dropplass. Bâl we' en Hârgott go'f hien iwerall empfângen: d'Stied hun him d'Pârt an d'Leit him hir Hêrzer opgemât. Dé gro'ssen Dante huet hie wöllkomm gehêsch an him e Lidd gesongen eso' voller Glâf, voller Hoffnong a voller Le'ft: Alto Arrigo! -

Donidden an Italien, we'it ewech vu senger âler Hémecht, gêt den Heinrech dÛrch e friemt Land voll Sonn a voll Blumen, voll Lug a voll Bedrug. - 1 3 1 3 !

Pe'ter (kônt a'us dem Schlass erfert, gese'it ên him d'Onro' of )

Ech gin net me' vun Hêrze fro'. Rond òm méch ass alles ro'ég, eso' voller Fridd a Frêd - an dorônescht am Hêrz gin éch der Angscht an der Suerg net me' Mêschter. - Heinrech! Bei jidder Schlâg vu mengem Hêrz denken éch un hien. - Heinrech? Eso' ruffen éch verängschtégt am Schlôf. Keng Nôrîcht zenter Wochen a Me'nt. - Soll hien et packen? Se'i kénge Drâm Wirkléchkêt gin? - Dât le'sst mir keng Ro' a keng Rascht. dât pengécht méch Nuecht an Dâg.

Klésjen (huet em hêmléch nogekuckt a röselt de Kapp )

Hâr! Dir sit net fro' heihém. Sit Dir net gud opgehewen bei e'is? Gêt Iech eppes net hei? O sôt mir, wo' et félt. Ech mâchen dach me'i Bescht, fir Iech fro' an zefridden ze gesin.

Pe'ter: D'Hémécht ass nach êmol we' d'ânert môl, awer hei a ménger Broscht do wullt et a buert et. Munéhmôl holt et mer raxtégt den Otem.

Klésjen: Wât der net sôt, Hâr! Da gêt et Iech bâl we' mir.

Pe'ter: Du bass trei an e'erléch, Klésjen. Dât wêss éch scho lâng. Awer net iwerall sin s'eso'.

Klésjen: An der leschter Ze'it drêmen éch eso' we'scht, Hâr. Kannereie, sôen éch bei mir. An dach kommen éch net driwer ewech. - La'uschtert nôme, wat méch des Nuecht am Schlôf geplôt huet: zwê Kanner hun hei op der Wis gespillt, hu Blumme geplékt a sin de Pe'iperlenken nogelâf. Voller Frêd hun éch hinnen nôgekuckt. - An op êmol: wât geso'ch éch? Eng Schlâng ass vun der Bâch erfert dÛrch d'Grâs gekroch an ir éch méch ômsin, ass se dem Be'fchen op d'Broscht gesprongen an huet e gebass. Ech wollt je'izen - meng Strass wâr zo'. - De kâle Schwêss ass lâscht méch gelâf . . Du sin éch wâkrég gin.

Pe'ter: (hallef fir séch ) Donidden an Italien gin zwê Kinékskanner . . . o'ni Bâng . . Se gesin keng Gefôr - we' blannemâches lâfen se drop lass - Hârgott, hâl Du d'Hand iwer se!

(E Fechtbrudder kônt lâchendes Monds erbe'i )

Fechtbrudder: Hé, dir! Huet dir kên Dronk Wâsser fir eng dÛschterég Strass?

Pe'ter: Klésjen, ge' sich em e Schotz We'in! (Klésjen of) Wat get dann Neis, gudde Mann?

Fechtbrudder: Wann ên d'Landstrôss òm d'O'ere schle't, dann he'ert ên eso' allerlé, bâl Sche'nes a Guddes, bâl Schrôes a Schlechtes. -

Do verzielen se jo, dén neie Kinék wär an Italie leie bliwen. Hien an d'Kinigin hätte missen dru glêwen.

Pe'ter: Mann, dât kann an dât duerf net sin!

Fechtbrudder: Ech wêss et jo nômmen vun He'eresôn, Här! Ech ka kên Ed drop din, dass et stômmt.

Pe'ter: (we' verwallt) Meng Ahnong! -Härgott, we' konns de dât zo'lôssen?

Fechtbrudder: Denkt Iech nômmen; um Aelter, do soll e Pater hinnen amplâtz d'Kommio'n Göft gin hun. -Dén âneren Dâg hätt d'Sonn net me' geblénkt an den Himmel wär ro't gewiescht ewe' Blutt.

Pe'ter (ass blêch gin a sicht no enger Upâck)

Klésjen: (ass iwerdém mat engem Kro' We'in erôm komm, erschreckt) Här, wat ass Iech geschitt?

Fechtbrudder: Här, hun éch Iech erschreckt? - Hätt éch alt nômmen de Mond gehâlen.

Pe'ter (huet séch erkritt): 'T ass ne'ischt, 't ass ne'ischt! Dât gêt erifer. - Heinréch! Ech kann et net glêwen! Vergöft! Am frieme Land zo' Schâne gâng!

Klésjen: O Här, et huet méch ne'ischt Guddes geo'nt!

Pe'ter: Lösse mer ro'ég bleiwen, Klésjen! Wann et eso' Gottes Wölli ass, da könne mir ne'ischt derge'nt-mân, ewe' d'Hänn fâlen a bieden.

(De' dre'i stin do an hun d'Hänn gefâlt - iwerdéms he'ert ên d'Lidd)

D o m i n e , s a l v u m f a c !

O Här, verlôss en net, de Kinék,

Dé schwâch an ârm,

Mat he'gen Dräm,

Mat engem Hêrz voll Mut a Krâft,

Fir Recht a Fre'ihêt kricht op friemem Buedem!

Verlôss en net a Kampf a Schluechten,

Bleif bei him, Här, an sengen Nuechten,

Du gro'sser Gott,

En ass Dir trei,

Du stârke Gott,

Ste' Du him bei!

Spillmeschter:

Den Heinrêch ass do't. Am frieme Land hun si him d'Grâf gegruewen. - E Moment huet d'Welt den Otem ugehâlen. Ma schon en etlêch Wochen drop ass den Dûrchenên lassgângen. Wuer ê gekuckt huet, soss ne'ischt we' Stre'it an Hâss. -

D'Hâren um Rhe'in hun en ânere Kinék gewielt: Ludwig vu Bayern. Mâ, well s'onêns waren ônert séch, konnt et net recht re'issen. Och de Pôpst huet séch dra gemôcht ab du ass alles bonzônne bonzuewe gâng. D'Welt huet séch geplékt: zwe' Kinéken an zwe' Pêpst hun zo' gle'icher Ze'it rege'ert. A matzen dran, an dém onse'lege Mïssel, stêt de Pe'ter vun Uespelt, dé mächtêgen Hâr vu Mainz! - Ass dât séng Sôt, de' elô opgêt? nodém hie jahrzingte lâng gewuddert hât? Ass dât alles, wât hien errêcht huet? - - Eso' gêt et am Liewen: wann ên séch midd geschafft huet, gese'it ên ere'scht an, we' villes ômsoss wôr! Mâ och dann nach de Glâf un d'Menschhêt net ze verle'eren, dât bréngt nômmen e ganze Mann fêrdég, dé me' we'it kuckt ewe' all de' âner.

Den E'hm Klésjen: Eisen Hâr gefällt mir net me': en ass âl an drolêch gin. All dé Stre'it an all dé Mïssel op der Welt, dât wor en hârde Schlâg fir hien. En ass we' eng âl Ech, an de' de Blôtz geschlôen huet: de Sâft-zitt net me', d'Blieder gi wielég. Keng Ro' a keng Rascht huet e me'. We' gejôt lâft dÛrch d'Ha'us. A wann ên e rifft, da kuckt en ê ganz verwâlt un, we' wann hie fârtén oder séch schumme ge'f.  
(Leit a'us dem Duerf komme lânscht)

Koschter: Ass eisen Hâr erôm do?

Klôs: We' ass dât, 't gese'it ên en net?

Petter: Hôh ass dach net krank?

Hânes: Stêt et net gutt doba'ussen an der Welt, dass hien eso' stônterlêch hêmkomm ass?

Mâtes: Spe't an der Nuecht ko'm en. D'Honn am Duerf hu gebillt we' klôrrosen. Du stin êch op a gin op d'vîscht. Dîr kucken. Am Lîchtesche'in hun êch dem Hâr seng Kutsch erkannt, we' s'op d'Schlass zo'gefuer ass.

(De Klésje stêt do o'ni z'ântwerten)

Koschter: Le'sst du och de Kapp hânken? - Wât ass geschitt?

Klôsjen: 'T ass net me' sche'n op der Welt! - Gutt dass ên âl ass, Koschter, we' mir zwe'n, dann erget ên séch e'schter an alles.

Klôs: All Dâg kommen me' schrô Zedéngen.

(Iwerdêms sin och e puer Fraleit komm)

Hânes: An der Mûsel stin d'Hongersteng erôm a'us dem Wâsser an dât beidit ne'ischt Gudds:

Mâtes: Zo' Tre'er hun s'an der Nuecht e feierro't Kre'iz um Himmel gesin, dât wôllt eppes hêschen!

Mârry: Am Lothrêngeschen huet eng Frâ hire Bro'truecht opgeschnidden, du ass Blut era'usgedropst.

Suss: Ech wêss net me' genâ wo', do ass op Kurfreidég e Bre'f vum Himmel erôf gefall an an dém stong, dat d'Welt geschwönn ônnerge'ng.

Koschter: De Bayer soll den E'stre'icher geschlôn a gefângen hun. Hie wir net me' Kinék.

Klôsjen: Wên êmol Kinék ass, dé bleibt et, a wann s'en och a Kette léen. Pst! Pst! Eisen Hâr könt!

(De Pe'ter könt lues a Gedanken erop - de' âner verze'en séch hûrtég, kucken awer nach hêm lêch hannerun séch)

Pe'ter (Könnst erop, we' wann hie ganz verwält wir a schwätzt fir séch - en-hät séch mat aller Me' an der Rícht - Klésjen a Koschter ze'en séch zréck, de Pe'ter hölt si net annuecht )  
 Ech verstin d'Welt vun ahut net me' - Wien ass Kinék, wén ass den Här froen se. Ass et de Bayer, ass et den E'stre'icher? Si zersteiden séch drop an derwidder, ê geng dén ânere bál verdillégen. - A wien ass Pôpst? Dé vu Ro'm oder dé vun Avignon? E streit mat dém ânren. Pôpst a Kinék verstin séch net me'. - Iwerall nömme liössel a Stre'it an Durchenên. - - An dach kann nömnen ên Här sin: ên Härgott, ê Pôpst an ê Kinék!

Klésjen: Dir huet recht, Här, an eiser Härgott wêrd schon dat Richtégt fannen.

Pe'ter (we' erschreckt, kuckt en un ) Mengs de Klésjen? - Ech zielen net me' mat; meng Ze'it ass eriwer. - Den Do't ass me'i Frönd gin, me'i beschte Frönd. Nuechtelâng stêt hie be'i mengem Bett a mir sprôchen zesummen. Ech fêrten hien net; ech wêss nömnen ze gutt, dass éch et net me' lÂng packen. - A wann och eng nei Welt önnérwé ass, éch gesin se net me', awer éch gléwen drun, ganz fest! (Hie kuckt rondömm séch, 't könnst iwert en ewe' eng Glo's, se'i Gesicht a seng Ae lichten ewe' vun engem bannezége Feiër )

De' nei Welt! - We' eng jong Ech wiest s'entzwo'sch erop a'us dem Buedem; we' e BÂm, dé me' gro'ss a me' stÂrk get an se'i Schied brêt iwer d'Länner. - De' nei Welt, si könt, ville'icht we' eise Kêser - a'us - dém kleng Letzebürger Land? - O me'i Letzebürg, du klenge Köppelchen Erd, éch zielen op déch! A'us déngem Hémechtsbuedem wiest de'i nei Welt, dat neit Europa!

Klésjen: Här, eso' soll et gin a sin! Ge'f eiser Härgott se'i Ségen derzo'!

Pe'ter: Klésjen, eso' gêt et an eso' könt et, wa mir zwe'n dât och net me' erliewen.

Klésjen: Wie wêss, wat Härgottwöll!

Pe'ter: Wann éch gesturwe sin, da begruewt méch an den hellégen Do'm vu Mainz. Do wöll éch schlôfen an op der jéngster Dâg wârden. Awer lét me'in Hêrz an den Hémechtsbuedem önnert'eng Ech, do eleng fônt et Ro' a Rascht.

Klésjen: Här, fir wât lôsst dir de' schwârz gedanken Mêschter gin? Dir sit iwermitt vun der Hetz an der Oprégong vun déne leschte Me'nt. Fir ze stierwen ass et nach ömmer Ze'its genuch.

Pe'ter: Klésjen, sif mir zu Wôllen, nach des Ke'ler, et ass fir t'lescht: ge' a ruff mir me'i Kaplo'n! Koschter, lôss d' Kläckelchen vun der Kapell pénken, dat méng Uespeltêr Leit zesummekommen an et he'ren! (Klésjen a Koschter of) - (D' Kläckelche laut - d' Leit komme vun alle Se'iten erbe'i )

Klôs: Wat ass lass?

Hânes: Wat get neis?

Marry: Wat hêscht dât?

Suss: Ass eppes geschitt?

(Iwerdêms könt de Klésjen mat dem Kaplo'n Johannes - de Pe'ter stêt do ewe' vu Stên - de Kaplo'n stêt è Moment we' erschlôn viru séngem Här - de Pe'ter rêcht him stomm d'Testament, de Kaplo'n rult d'Blât a'usenên, geheit e Bléck dran, dann op se'in Här - dé wénkt him: Lies et vîr!

Kaplo'n Johannes: Am Joer êndausent dre'ihonnert an nongzég - dé 25. August. - Hei ass me'i leschte Wôllen an eso soll et gehâle gin no mengem Do't.

Ech wöll stierwen, we' éch gelieft hun, am Wölle Gottes, dé mir allze'it hellég wôr. Dén huet méch vu menger klenger Hémecht Uespelt fort an d'Welt gefe'ert bei Kinéken a be'i Késer. Mâ éch si mengem Hémechtsduerf ni ontrei gin, et soll méch och ni vergiessen.

Wat éch hannerlössen, dât soll der Kîrch vu Mainz, hire Kle'schter, Spidéler an Armen gehe'eren.

En Dêl dervun schenken éch dénen dre'i Kle'schter a menger Hémecht: Bo'newég, Mareindall an Hellég Gêsch zu Letzeburg.

Och meng Familjen soll eppes kre'en: mengen Nevien an Niecen vun Uespelt a'us dem Misesesch-Ha'us, vun Ellengen an Da'uwelt, vun Tre'er a vu Mainz vermâchen éch eng ronn Zomm; de' weiderstode'ere wöllén a'us der Familjen sin Här a Mêschter îwer meng Bicher a meng Bibliothe'k.

Begruewt méch am Do'm zu Mainz; do wöll éch mat fester Hoffnong de jéngster Dâg erwârdén.

Vu Mönshen hât éch we'nég Dank a Lo'n; vu mengem Hârgott eléng erwârdén éch Unerkennong an d'Himmelskro'n.

Pe'ter: Amen - eso' soll et sin a bleiwen! - Alles vergê't - Mönshen an Ze'iten - d'Hémecht stêt a bleiwt. Ech gesin a'us hir eng nei Welt operstôn - - Biet fir méch a biet fir sî- - -

(Ë brecht lues a lues zesummen - de Klésjen op der enger Se'it, de Kaplo'n Johannes op der âner Se'it hâlen en un - nach eng Ke'er hieft en d'Hand fir de Ségen ze gin - îwerdêms get de Choral ungestômmt - d'Leit sti ronderôm - d'Kalcke lauden we' eng Pe's )

#### Do'de choral

Haut lauden d'Klacken domp zo'Hâf,  
Der gre'sster ên ass vun e'is gânge.  
Verne'ipt Iech de'f virun dém Grâf,  
So' traurég donkelschwârz verhângen!

Se'i Gêsch leeft weider a se'i Glâf  
U Fre'ihêt, Enégekêt a Fridden,  
Fir de' hie bis ab d'de'ischer Grâf  
Mat Mutt an dâprem Sönn gestridden.

## N Ô S P I L L

Spillmêschter: Eist Spill vun gro' ssen Uespelter ass a'us.-  
 We' eng Ech a'us dem Hêméchtsbuedem stong hien do an sénger  
 Ze'it, huet johrzéngtelâng dem Blötz an dem Dimer getrotzt.  
 Pe'ter vun Uespelt, du bass de Stuel vun eiser Hêmécht!  
 Haut erôm get de'i Gêsch't lebendég an der Welt. Wâts du viru  
 siwe Johrhonnerte gedrêmt a geplangt hâts, dât wöllt haut  
 Wirkléchkê't gin: en neit Europa, an dém Friden a Uelstand  
 séch d'Hänn rêchen. An eist kleng Letzeburg ass séng We',  
 a get we' d'Hêrz vun der neier Welt.  
 Pe'ter vun Uespelt, haut op eisem Festsdâgwo' mir de'in Un-  
 denke feiern, rêche mir dir d'Hand îwer 7 Johrhonnerten eweg,  
 mir ger'ssen déch a sénen de'in Num. Dir zur E'er an eiser  
 Hêmécht zur Le'er.  
 Laut, dir Uespelter Klacken, laut allen dre'i:  
 eisem Pe'ter vun Uespelt zum feierléche Gediechtnes -  
 eiser le'wer hêmecht zum e'wege Schutz a Schîrm -  
 der neier Welt zum herrléche Gedeihen!  
 Gott sên iech all haut an ömmerzo'!

(D'Klacke lauden an d'Schlusslidd erklénkt )

Ons Hêmecht

Wo' d'Uelzécht durech d'Wisen ze't,

O Du douewen, Dém seng Hand - - -